

# Vu Wëllbeien an Harespelen

## Eko-ethologesch Beobachtungen zu Lëtzebuerg

Virtrag vum Nico Schneider

Dönschdeg, 21. Abrëll 2020 um 18.30 Auer  
am 'natur musée'

### Inhalt

Am Virtrag gi Wëllbeien- an Harespel-Aarte virgestallt, déi a Fielsen, Maueren, Holz, Schleekenhaisercher an op sëllegen onerwaarte Plazen nisten. Am Mëttelpunkt stinn dësen Insekten hiert Verhalten, hir Näschter, hir Relatioun zum Substrat, an deem se nisten, hir Parasitten an aner Locatairë vun hiren Näschter. Um Beispill vun enger Beiefamill gëtt den aktuellen Zoustand vun de Wëllbeien zu Lëtzebuerg opgezeechent an iwwer Mesuren nogeduecht, déi den Aarteschwund bremse këinten.



Gälleknaapp-Seidebei. Foto: J. Weiss.

### De Referent

De Nico Schneider beschäftegt sech zënter ville Joere mat de Wëllbeien, Galen an aner Insektengruppen. Hien ass Auteur vu villen Artikelen, engem Buch a laangjäreg Member vun der SNL souwéi wëssenschaftleche Mataarbechter vum MNHNL.



Wëdden-Sandbei. Foto: J. Weiss.



Bourgade Seidebei. Foto: N. Schneider.

### Organisation

Société des naturalistes luxembourgeois - SNL ([www.snl.lu](http://www.snl.lu))

Musée national d'histoire naturelle - 'natur musée' ([www.mnhn.lu](http://www.mnhn.lu))

Veranstaltungsort: 'natur musée' - 25, rue Münster, L-2160 Luxembourg

